

Am Schwéierpunkt vun der Fanfare Izeg ass ëmmer d'Gesellegkeet an de respektvollen Ëmgang ënnereneen. Dat ass Viraussetzung fir op eng zefridden Aart a Weis zesumme Musek ze maachen.

D'Schnupperprouf ass eng Porte ouverte, déi all Joer vun der Fanfare Izeg ugebuede gëtt. Hei däerf jiddereen an enger labberer Atmosphär an op sengem Niveau matspillen a ka sech e Bild vun der Musek maachen. Sollt deen éischten Androck gutt sinn, däerf en och weiderhi matmaachen.

Fir un allem kënnen d'Eltere vun de ganz jonke Musikanten hei eng Äntwert op all hir Froe kréien.

Kommt einfach dohinner. Rendez-vous ass den 6. Juli 2018 um 19h30 am Musekssall, zu Izeg (Parkplaz bei der Kierch).

Nächst Sortien :

Freideg, den 29. Juni um 14:00 Auer : Concert 4 Kids, Schoul zu Izeg
Samschdeg, de 30. Juni um 11:00 Auer : Concert am CIPA um Houwald
Sonndeg, den 1. Juli um 12:00 Auer : Concert um Duerffest zu Izeg
Mëttwoch, de 15. August : Heebléiser zu Greiweldeng

SIÈGE/MUSEKSALL :	3, rue de Hesperange, L-5959 ITZIG
POSTADRESSE :	Marc Kruchten, 29, rue Paul Henkes L-1710 Luxembourg
KONTAKT :	621 756 622, catherine.freres@pt.lu 661 938 281, lynn.mohr@education.lu
WEBSITE :	http://fanfizeg.org/
PROUWEN :	All Freideg : 19H15 bis 20H30 Jugendprouf 19H50 bis 21H30 Grouss Prouf



Schnupperprouf

bei der Fanfare Izeg
fir jonk an net méi esou jonk Musikanten
de 6. Juli um 19h30
am Musekssall zu Izeg

Aktivitéite vun der Fanfare Izeg



Groussen Ensemble

Ons grouss usprochsvoll Concerte ginn am Fréijoer a Chrëschttag vum groussen Ensemble gespillt. Hei bedeelegen sech all d'Musikanten.

Nieft übleche Concerte realiséiert d'Fanfare Izeg regelméisseg Projete wou jiddereen, dee wëllt, seng zousätzlech kënschtleresch Fähegkeeten (gesanglesch, theatralesch, audiovisuell, artistesch asw.) abrénge kann.

Bei grouse Concerten am Summer spillt de groussen Orchester gefälleg Big Band Musek fir all Goût.



Strëpp

Am Summer, wou vill am Fräie gespillt gëtt, spillen d'Heebleiser, d'Strëpp vun der Izege Musek. Et sinn haaptsächlech fräiwëlleg Musikanten, déi mat Läif a Séil bei der Saach sinn a mat hirer Musek fir gutt Stëmmung suergen.

D'Heebleiser hunn e flotte Repertoire. Dat kënne bekannte lëtzebuerger Lidder sinn oder soss fir all Geleeënheet ugepasste Lidder, déi fir gutt Stëmmung suergen a vu jidderengem matgesonge kënne ginn.

